PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/10/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.

D'Fonds d'investissement spécialisés gi laut dem Artikel 43 vum Gesetz vun 13te Februar 2007 vun der CSSF an enger Lëscht zesumme gefaasst. Am Fall, wou ee Fong opfälleg gëtt an d'CSSF Douten huet par Rapport zu der Honorabilitéit, kann de Fong vun der Lëscht geholl an ënnert Tutelle vun der CSSF gestallt ginn. Dee Moment muss, bei all Paiement vum Fong, den zoustännegen Agent bei der CSSF informéiert ginn an och säin Accord ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister Detailer doriwwer ginn, wéi dës Prozedur am Alldag bei der CSSF gehandhaabt gëtt? Wi eng Agenten, bzw. Servicer agéieren an dëser Prozedur, wat fir Demanden ginn ugeholl oder ofgeleehnt?

2. Wéi vill Fonge goufen an deene leschte 5 Joer ënnert Tutelle gestallt?
   - An wéi vill Fäll gouf Tutelle opgehuewen an de Fonds d'investissement opgeléist?
   - An wéi vill Fäll gouf Tutelle opgehuewen, ouni dass de Fonds d'investissement opgeléist gouf?
   - Wéi laang stoungen dës Fongen an der Moyenne ënnert der Tutelle vun der CSSF?

3. Wéi vill Fonge stinn am Moment ënnert der Tutelle vun der CSSF?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député